

Léif Dammen an Hären, Léif Schüler

„Madamm, kënne mir net nach méi Geschicht man.“

„Kënne mir mol e KZ besichen?“

„Madamm, lo verstinn ech firwat meng Grousselteren sou liewen an sou denken“.

„Madamm, dat do soen ech lo ni méi!“

Mat sou oder ähnlechen Aussoen komme reegelméisseg Schüler bei eis.

Et si Schüler, déi als jonk Erwuessener op der Sich no hirer Identitéit sinn a bestriewt sinn un eiser Gesellschaft ze participéieren,

Schüler, déi selwer dax diskontinuéierlech Liewensbiographien opweisen, an déi Erfahrungsunge vun Echec an d’Gefill net wierklech dozou ze gehéieren, hannert sech hunn.

An deem Sënn ass et fir eis an der Ecole nationale pour adultes evident, dass Gedenk-, Mënscherechtsaarbecht an d’Ausbildung vun engem reflektéierte Geschichtsbewosstsäin, engem perséinlechen historesche Raum, kee Luxus oder eng schéin Activité périscolaire on the top däerfe sinn, mee et ass e mënschleche Besoin, e Recht an eng Bedingung fir an der Welt vun haut an an deem wat ee léiert, Sënn ze gesinn a sech d’Outilen unzueegnen fir d’Gesellschaft ze verstoen an Acteur an der selwechter ze ginn.

Dofir ass eis als UNESCO-Schoul ganz wichteg, dee Geescht an Inhalter a Léierformen an den Unterrechtsalldag afléissen ze loossen, ze historiziséieren an ze kontextualiséieren.

Ganz onopgereegt.

Andeems mir bei deem, wat an der Schoul geschitt, d’Rencontre an de Mëttelpunkt stellen. Rencontre mam Wëssen, Rencontre mat Mënschen, no baussen, mat Auteurs, Experten, Mënschen aus der Zivilgesellschaft, aus anere Schoulen, mee och Mënschen innerhalb der Schoulgemeinschaft.

Eis Apprenanten an eis Gesellschaft mussen eis et wäert sinn.

A wat fir en Uert, symbolesch wéi praktesch, eegent sech do besser, wéi eng Bibliothék?
En Uert, wou Dreeme vun enger besserer Welt méiglech ass, wou historesch Fakten irritéieren, verstoen dinn a wakreg maache kënnen, en Uert, deen Outilen fir Visiounen ze entwéckelen bereed hält, en dynameschen Uert fir Iddien gemeinsam an d'Zukunft ze projézieren, déi ee Mënsch eleng ni hätt kënnen erfannen.

Sou freeë mir eis an ass et eis eng Éier d'Rucksakbibliothék däerfen ze empfänken, fir an deem Sënn, am ganz Klengen, weider ze schaffen, a Praktiken an Iddien nach besser no bannen an no baussen ze deelen, ze echangéieren an eis ze beräicheren.

Well wéi sot den Albert Jacquard:

« l'objectif permanent de l'Ecole, c'est d'apprendre à rencontrer », well

« L'être humain, c'est les liens qu'il tisse avec les autres humains. »

An deem Sënn soen ech am Numm vun der ENAD dem Comité zur Erënnerung vum Zweete Weltkrich der Verriedung vun der UNESCO a vun den UNESCO-Schoulen, villmools Merci fir dee Vertrauensvirschooss an dem Lycée du nord fir déi Erfahrungen an Iddien, déi lo schonn an de Projet gefloss sinn an op déi mir däerfen opbauen.

Melanie Noesen